

BESSER LOFT FIR MÉI LIEWENSQUALITÉIT

Resultater vun der Stéckstoffdioxid (NO₂)-Miesscampagne vun 2022

D'Ëmweltverwaltung huet, an Zesummenaarbecht mat de Gemengen an der Klima-Agence, déi 5. NO₂-Miesscampagne am Kader vum Klimapakt duerchgefouert. Insgesamt ass de Schuedstoff op 112 Plazen an 33 Gemenge gemooss ginn.

2022 ass de Grenzwäert vu 40 µg/m³ op kengem Standuert iwwerschratt ginn. Op verschidde Miessplazen louchen d'Wärter no um Grenzwäert, besonnesch zu Réimech, lechternach an Déifferdeng, mee och zu Esch/Uelzecht, Hesper a Lëtzebuerg.

Och wann d'Virschreften zur Zäit agehale ginn, mussen d'Beméiunge fir d'Loftverschmutzung ze reduzéieren trotzdem weider gefouert ginn, an dat an Zesummenaarbecht mat de Gemengen.

RESULTATER

Allgemeng sinn d'NO₂-Konzentratiounen an de Wanterméint opgrond vun den Emissiounen vun den Heizungsanlagen e bëssi méi héich. Ausserdeem gëtt am Wanter den Oftransport vun den Schuedstoffener generell duerch d'Wiederkonditiounen erschwéiert. Déi héich Wärter déi am Mäerz gemooss goufen, hu mat dräi Spëtzewärter fir de rengen Stëbs PM₁₀ iwwereneegestëmmt. Während deenen Deeg war et sonneg an dréche mat wéineg Wind an Inversiounswiederlagen, wat dozou gefouert huet, datt déi atmosphäresch Schuedstoffener sech méi schlecht oofbauen a verdeelen.

Den niddregen Niveau an der éischer Hallschent vum Mount August kann duerch de Réckgang vum Stroosseverkéier am Summer erkläert ginn. Des Weidere féieren an de Summerméint eng besser Duerchmëschung vun der Loft a photocheemesch Ofbaureaktiounen duerch den Ozon an der Reegel zu engem Réckgang vun den NO₂-Konzentratiounen.

Säit 2018 gëtt eng progressiv Baisse vun de Joresduerchschnëtter festgestallt, déi 2020 an 2021, duerch d'Moosname vun der Covid-19 Pandemie a, besonnesch ausgeprägt war.

2022 sinn déi meescht Moyennen allgemeng nees op de Niveau vun 2020 zeréckkomm. D'Reduzierung vun den Emissiounen aus dem Stroosseverkéier duerch d'Moderniséierung vun der Autosflott mat der Aféierung vun neien EURO-Normen an Elektroautoen, gëtt deelweis duerch eng allgemeng Hausse vum Stroosseverkéier gebremst, deen 2022 nees ugezunn ass.

Des Weidere kënnen déi ongängscheg Wiederkonditiounen fir d'Loftqualitéit am Joer 2022, virun allem am Mäerz, deelweis fir déi liicht Hausse vun de Moyenne verantwortlech sinn.

ZILER

D'Hauptziler vun der Miesscampagne sinn:

- d'Bierger besser ze informéieren;
- d'Gemengen an hir Awunner fir d'Loftqualitéit a Bezuch op NO₂ ze sensibiliséieren an se ze motivéieren, zur Verbesserung vun der Loftqualitéit bäizedroen.

D'Miessunge sollen och dozou déngen

- eng Bestandsopnam ze maachen, fir spéider d'Auswierkunge vun de Moosname fir d'Verbesserung vun der Loftqualitéit ze quantifizéieren a kommunizéieren ze kënnen
- d'Resultater op nationalem Niveau duerch d'Organisatioun vun enger gemeinsamer Campagne ze vergläichen;
- d'Miessungen an d'Modelléierunge vun der Ëmweltverwaltung betreffend déi geographesch Verdeelung vun den NO₂-Niveauen iwwer ganz Lëtzebuerg, ze completéieren an ze verfeinere;
- nei Standuerter ze identifizéieren, wou de Grenzwäert iwwerschritt ginn ass ("Hotspots") oder wou d'Gefor vun engem Depasement besteet (kritesch Punkten).

STANDUERTER 2022

Bieckerech, Beetebuerg, Duelem, Dikrech, Déifferdeng, Diddeleng, Iechternach, Esch/Uelzecht, Gréiwemaacher, Hesper, Käerjeng, Koplescht, Leideleng, Lëntgen, Lëtzebuerg, Mamer, Miersch, Mäertert, Monnerëch, Préizerdaul, Reckeng, Réimech, Roeser, Rëmeleng, Schieren, Schëffleng, Schëtter, Stengefort, Steesel, Stroossen, Waldbëlleg, Weiler-la-Tour a Woltz.

METHOD

Fir d'NO₂-Konzentratioun ze bestëmmen, ginn all zwou Woche Prouwe mat passiven Diffusionsréier geholl.

Beim Passivsammele ginn Adsorptiounsréiercher, op enger Héicht vun ongeféier 3 m, fir ee bestëmmten Zäitraum der Loft ausgesat. Duerch einfach Diffusioun vum Schuedstoff deen an der Loft present ass, gëtt dëse vum Passivsammler agefaangen. D'Echantillone ginn dann am Laboratoire duerch Spektrophotometrie analyséiert.

D'Campagne 2022 gouf vum 5. Januar bis den 21. Dezember duerchgefouert.

De komplette Rapport ass op www.emwelt.lu disponibel.

D'Donnéë pro Statioun kënnen och um [Geoportail](#) ënnert der Rubrik "Ëmwelt" consultéiert ginn.